



N°148  
Entrée le 03.01.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 03.01.2024  
Chambre des Députés

Claude WISELER  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/01/2024

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Traditionell heescht et an den Déierenasyler no de Chrëschtdeeg oder an den Zäiten vun der Sommervakanz: "Alle Jahre wieder". Zu dësen Zäiten ginn d'Zuele vun den Déieren, déi an den Asyler landen, däitlech erop. Déierenasyler leeschten ee wichtege Bäitrag am Schutz vun den Déieren, well se den Déieren, déi net méi dierfen oder kënnen an hirem Doheem bleiwen, eng Méiglechkeet ginn, gutt ënnerzekommen an ee neit Doheem ze fannen. Et gi vill Fäll, wou Persounen mat verschiddenste Grënn sech net méi selwer kënnen ëm hirt Hausdéier këmmere an et mussen an engem Asyl ofginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi vill Subside goufe vum Lëtzebuerg Staat an de leschte 5 Joer un Déierenasyler (opgelëscht pro Standuert) respektiv un d'ASBLen, déi entspreichend Strukture bedreiwen, ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten





**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 148 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Wéi vill Subsidier goufe vum Lëtzebuerg Staat an de leschte 5 Joer un Déierenasyler (opgeléicht pro Standuert) respektif un d'ASBLen, déi entspreichend Strukture bedreiwen, ausbezuel?**

De folgenden Tablo renseignéiert opgedeelt no Déierstatioun a Joer iwwert déi vum Ministär fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau bezuelten Subsidien.

**MAAV:**

Déierestatiounen	2019	2020	2021	2022	2023	Total 2019 - 2023
Déierenasile Gaasperech	15 000.00€	15 000.00€	15 000.00€	15 000.00€	15 000.00€	75 000.00€
Déierenasile Esch	500.00€	- €	14 971.00€	1 000.00€	85 000.00€	101 471.00€
Déierenasile Schëffleng	- €	€	- €	237 000.00€	237 000.00€	474 000.00€
Déierenasile Diddeleng	- €	- €	- €	- €	- €	- €
Wëlldéierstatioun Diddeleng	19 000.00€	99 000.00€	111 415.32€	134 700.00€	122 830.98€	486 946.30€
<b>Total</b>	<b>34 500.00€</b>	<b>114 000.00€</b>	<b>141 386.32€</b>	<b>387 700.00€</b>	<b>459 830.98€</b>	<b>1 137 417.30€</b>

Doriwwer eraus huet de Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit spezifesch d'Wëlldéierstatioun Diddeleng och iwwert déi lescht Joren ënnerstëtzt. Heibäi handelt et sech ëm Subventiounen déi am Kontext vu Konventiounen ausbezuel ginn. D'Wëlldéierstatioun als Opfänkstatioun fir all Déieren déi net Hausdéieren sinn huet domat d'Missioun z.B. Vullen (déi ëmmer ee Schutzstatus hunn) ze pflegen. Des Weideren ass et wichteg, dës Déieren duerno op eng Réckféierung an d'Natur virzubereeden. Well d'Wëlldéierstatioun eenzegaarteg zu Lëtzebuerg ass, bedarf se dowéinst och der néideger Ënnerstëtzung am infrastrukturelle Beräich.

**MECB:**

Wëlldéierstatioun Diddeleng	2019	2020	2021	2022	2023	Total 2019 - 2023
Frais de fonctionnement	108 058.00€	210 000.00€	210 000.00€	338 100.00€	350 000.00€	1 216 158.00€
Aide supplémentaire (pandémie)		39 200.00€	33 000.00€			72 200.00€
Construction / extension	400 000.00€	172 075.99€	- €	277 924.01€	- €	850 000.00€

<b>Total</b>	<b>508 058.00€</b>	<b>421 275.99€</b>	<b>243 000.00€</b>	<b>616 024.01€</b>	<b>350 000.00€</b>	<b>2 138 358.00€</b>
--------------	--------------------	--------------------	--------------------	--------------------	--------------------	----------------------

Lëtzebuerg, den 6. Februar 2024

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN